

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2020

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*« De 5G ass fir den öffentlechen Transport an duebeler Hisiicht interessant. Zum engen ass et méiglech duerch déi méi grouss Bandbreet méi Passagéier mat séierem WiFi ze versuergen, an z'evitéieren, dass de WiFi duerch ze vill Utilisateuren iwwerlaascht gött. Zum aneren ass de 5G d'conditio sine qua non fir d'« vehicle-to-vehicle » (V2V) respektiv d'« vehicle-to-infrastructure » (V2I) Kommunikatioun.*

*Wéi den ILR rezent matgedeelt huet, wäerten deemnächst d'5G-Frequenze versteet ginn, soudass den nationale Reseau bis Enn dës Joer opgestallt kéint ginn, an éischt Projeten op eng gréisserer Echelle, notamment an de genannte Beräicher, lancéiert kéinte ginn.*

*Wat donieft de WiFi an den Zich betrëfft, sinn déi nei Zich vum Typ Coradia vun Alstom, déi bestallt goufen, standardméisseg mat WiFi equipéiert. Allerdéngs hat den Här Minister och ugekënnegt, dass méi aalt Material vun der CFL soll nogerüst ginn, fir de Passagéier WiFi zur Verfügung ze stellen.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:*

- Wéi vill Zich a Busser sinn am Moment scho mat WiFi ausgerüst ?*
- Wat ass de Bilan vum Pilotprojet WiFi an de « Kiss »-Zich ?*
- Kann den Här Minister Prezisioune ginn, wéi vill Zich mat WiFi wäerten equipéiert ginn?*
- Op wéi enge Strecke kéimen déi Zich an den Asaz?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07


dp@dp.lu  
www.dp.lu

- Bis wéini kéinten déi betreffen Zich nogerüst ginn?
- Ass virgesinn, an den Zich déi mat WiFi sollen equipéiert ginn, Router z'installéieren, déi an der Dateniwverdroung vum Zuch zum Operateur am Frequenzberäich vum 5G senden an empfanke kënnen, fir de Passagéier WiFi am Zuch zur Verfügung ze stellen ?
- Wäerten déi bestallten Zich vum Alstom pünktlech kënnen geliwwert ginn oder muss duerch d'Corona-Pandemie mat Verspéidunge gerechent ginn?
- Wäerten déi bestallten Zich vum Alstom technesch sou ausgerüst sinn, dass se fir d'Dateniwverdroung vum Zuch zum Operateur op de 5G zräckgräife kënnen ?
- Wäert bei der neier Ausschreiwung vum den RGTR-Linnen d'Offer vu Wifi am Bus ee Krittär sinn?
- Plangt d'CFL Projeten am Beräich V2V respektiv V2I fir déi nächst Joren ?
- Wa jo, kéint den Här Minister Prezisiounen zu dëse Projete ginn ? »

Mat déiwem Respekt,



Claude LAMBERTY  
Deputéierten



Max HAHN  
Deputéierten